Diddeleng a schwéierer Zäit

Preisesch Okkupatioun III Fräiwëlleg Companie [2]

An onser leschter Sendung hate mir weider erzielt wéi d'Preisen no hirem Iwwerfall den 10te Mee 1940 an nodeem de Gauleiter Simon d'Regéieren bei ass hat, sie systematesch alles ofgeschaft a verbueden hun, wat un dat fräit Lëtzebuerg erënnert huet. Esou och d'Ofschafen vun onser Fräiwëllege Companie. Mir hun drun erënnert wéi nom Londonner Vertrag vun 1867 Lëtzebuerg en onofhängegen an neutrale Staat gouf. Dowéinst och keng Armée huet dierfen halen ausser enger Companie vu ronn 400 Fräiwëlleger. Mir haten och an den Archive gebliedert an eraus fond wéini a wivill Diddelenger sech fir dest Handwierk gemellt haten bis mir un déi Zäit virum 2te Weltkrich komm sinn. An do hu mir gemengt dass een och misst drun erënneren wéi ons fräiwëlleg Zaldoten de preiseschen Iwwerfall erliewt hun. D'Regierung huet nämlech duerch verschidden Aktiounen ob de Grenzen ons Neutralitéit wëlle beweisen a wéi et méi brenzlech gouf esougar Barrikaden, Spären a Parten ob verschidde Grenzpassagen a Bräcken opgeriicht gelos huet. Des Spären a Porten hun natierlech misse bewacht gin an esou stungen op dese Plazen ons Zaldoten mat Gendarmen an Douanieren.

Aus den Opzeechnungen vum Colonel honoraire Will Albrecht am Buch Fräiwëllegekompanie Band 1 hu mir an der leschter Sendung verschidde Fäll zitéiert wéi d'Preisen an der Nuecht vum 10te Mee 1940 iwwert d'Our an d'Sauer komm sinn. Haut aveus der Erënnerung nach e puer déier Textefäll:

Mir zitéieren den Zwëschefall um Posten Meischdréf un der Sauer wéi den Will Albrecht e beschreiwt:

Den 10. Mee hat de Br. GIWER an den Zt. GROS um Posten Déngscht vu Mëtternuecht bis 4 Auer muerges. Géint 1,30 Auer koum en Teléfonsuruff aus Veianen ~~(Jh. TURPING)~~: „Héichsten Alarm! Stroossepassanten no Waffen ënersichen! Ee Mann bestänneg um Teléfon!" Zwanzeg Minuten drop as de Beziirkskommandant vun Dikrech (den Uewerleitnant GILSON ~~J.~~) revidéiere komm an huet dësen Alarm bekräftegt. Ën huet ugeurdet, d'Permanence durch den Zt. HAAS ze verstärken.

Sou ëm 3.10 Auer koum vu Veianen e neien Uerder, Stroosespär definitiv ze schléissen a sech zréckzezéien. Dëst as direkt gemaach gin. Nodeem de Postechef de Rescht vu sénger Mannschaft erwäche geloos huet, huet den Här ZETTINGER Emile, de Mëller, si all a séng

Wunnéng agelueden. An der Stuff sin d'Gewierer an d'Munitioun niddergeluecht gin. D'Jhandaarmen hun hir Pistoul ower bäibehalen.

Et wor ëm 4 Auer, ët huet ugefaang e wéineg hell ze gin, hu sech all déi, déi an der Stuff woren (och d'Madam ZETTINGER an Déngschtmeedchen), op d'Trap vrum Haus ~~beginn~~ gesat. De Br. GIWER an den Här ZETTINGER si kuerz dorop op d'Strooss getrueden déi nëmmen e puer Meter ewech louch. Do gesouche se ongevéier 100 Meter méi wäit 2 Zivilisten aus Richtong Bettenduerf kommen. Deen een hat d'Hänn um Réck, deen aneren d'Hänn an de Paltongstäschen. Op 6-7 Meter erukomm, hun déi zwéi wéi de Blëtz eng Maschinepistoul an zwou Pistoulen ervirgezun an direkt ugefaang ze balleren.

Du koum de Kreesch: „Hände hoch!" Êier de Brigadier dëst konnt maachen hat e schons e Schoss an de lénken Aarm krut. En huet sech op de Buedem fale gelooss. Déi zwéin hu weider no him an dem Jh. SCHMITZ wéi kloëerrosen geschoss. Dem Brigadier as eng Kurrel an d'Bee gaang, eng aner as u séngem Casque ricochéiert. En huet vill Blutt an esouguer d'Besënnong verluer.

Den Här ZETTINGER huet séch ënner säin Auto geworf, deen e beim Haus stoën hat, fir nët blesséiert ze gin. E krut zougeruff direkt do erauszekommen, soss géng en erschoss gin. D'Madame ZETTINGER huet déi zwéin ugebiet, hire Mann an all déi aner ze verschounen, si hätte jo näischt verbrach. Déi hu sech dun eppes berouecht.

Ee vun hinnen frot dono wou de Schlëssel vun der Spär wär. De Brigadier hat e bei sech. Ënnert immenser Péng hu si hien, d'Maschinepistoul am Réck, bei d'Spär geféiert déi ronn 50 Meter ewech wor. E krut den Uerder d'Paart opzemaachen. „Unmöglich!" sot en. Nun huet ët geheescht si géngen en erschéissen. Dee Moment as en aneren Zivilist agetraff, och arméiert, dee Lëtzebuergesch geschwat huet. De Brigadier huet dësem erëm widerhuelt, d'Paart kënnt nët méi opgemaacht gin.

Dësen huet du proposéiert, zesumme mat sénge Komeroden an de Gefaangenen an d'Wunnéng vum Här ZETTINGER ze goen.

Um Wee no der Spär huet de Brigadier de ~~Jh.~~ Gendarm SCHMITZ op der Strooss no Bettenduerf nieft der Mille leie gesin. Dësen hat d'Aën zou. De Brigadier duecht e wär dout. Dach beim Zréckkomme vun der Spär wor dëse verschwonnen! Am Haus Zettinger ukomm, huet en an der Stuff ugetraff: WEIDENHAUPT an HAAS, souwéi de Jh. SCHMITZ deen um Kanapee louch. D'Zaldote LUDWIG a GROS hu gefeelt.

De ~~Jh.~~ Gendarm SCHMITZ wor schwéier blesséiert um Been. De Brigadier dong séng Box aus, huet dervun e Stéck erofgerass an him uewent der Schosswonn d'Been ofgebonnen.

Kuerz dono as den Zt. LUDWIG an d'Stuff erageschlach. En hat ëmme méi Hiem, Box a Schong un. D'Hiem wor rout vu Blutt. E Schoss wor nët wäit vum Härz eragaang. Den Här an d'Madam ZETTINGER hun eng Matrass erbräibruecht an hun en dropgeluecht.

Den Zaldot Ludwig wor nobäi wéi déi éischt Schéisserei lass as gaang. Ugeschoss as en duerch d'Hannerdir op de Späicher gelaf, as ower direkt erëm op den éischte Stack erofgaang wou e séch an e Bett geluecht huet. Do huet en d'Besënnong verluer. Wéi en erëm zou sech koum, a nodeem e Stëmmen an der Stuff héieren huet, as en d'Trapen erofgekroch. Knapps bei sénge Frënn ukomm sin 3 nei Zivilisten agetraff. Sou wore leschtenenns 6 däitsch camoufléiert Zaldoten zesummen, déi de Méischdrëfer Poste sollten onschiedlech maachen. Alleguert hu se dësen Ament e giele Band ugedun wou „Wehrmacht" dropstong.

Och aus desem Bericht geseit een ganz deitlech dass Zaldoten vun der deitscher Wehrmacht schon Teeg virum 10te Mee a Lëtzebuerg eran geschmuggelt waren gin a sech bei als Zivilisten opgehalen hun bis ~~hiren~~ sie hiren Opdrag an der Nuecht vum 9ten op den 10te Mee ze erfëllen haten.

Nun zereck zum Zwëschefall bei der ~~Mill~~ Zettinger Millen

Tëschent 7 a 7.30 Auer koum en däitschen Zaldot an d'Stuff (et kënnt e Sanitäter gewiescht sin) an huet sénge Kollege gesot, déi éischt Arméiambulanz unzehalen fir déi Blesséiert an eng Klinik zu féieren.

An esou si GIWER, SCHMITZ a LUDWIG géint 8.30 Auer an d'Klinik vun Dikrech ageliwwert gin wou den Dokter TANDEL G. hinnen déi éischt Hëllef gin huet.

Den 10. Mee, ëm den Owend, as an der Klinik en „Oberst" agelaf. Et muss en Dokter gewiescht sin. Dësen huet gefuerscht, wéi déi dräi Patienten hätten ugeschoss kënne gin. Him wär gemellt gin d'Lëtzebuerger hätte fir d'éischt ugegraff. Och bei erem éng Liegen iwert dest getarnbent deitschen militär

Et kann ee sech froen ob déi vun der Regierong ugeuerdet Grenzüwerwachung hiren Zweck erreecht huet. Secher ass op jidde Fall dass vun deitscher Seit dëser Iwerwachungs Aktioun grouss Wichtegkeet entgéigt bruecht ass gin. An et war nemme méiglech mat Hëllef vun Deitschen oder Lëtzebuerger déi am Land gewunnt hun, déi deitsch camoufléiert Zaldoten an d'Land eran ze luelen an ze verstoppen mam Ziel, ze verhënneren dass Strossespären virum Ugreff zougemat gin. Dest as hinnen net gelongen awer sie hun kalbléidég op net bewaffnet Lëtzebuerger geschoss an dräi vun eiser Zaldoten aus der Freiwëlleger Compagnie erschoss a verwond.

Ze bemierken wäre dass de* verwondten Schmitz Fernand zu Diddeleng war ee wéi vun desem Bericht ervir geet ob de Grenz posten Méischtréf ofkommandéiert war.

---

Vum 11te Mee un sin ons freiwëlleg Zaldoten erem zeréck an d'Kasäre kom, mat Ausnahm natierlech vun de Gefangenen déi wéi jo erzielt an Deitschland bis op Hemer bei Iserlohn a Westfale geschleeft gi waren. Déi 24 Zaldoten gouwen den 2. Juni 1940 entlooss an den 3te Juni ware se nees bei deen aneren an der Kasären.

Vum 10te Mee u war jo bei eis d'preisch Militärverwaltung zoustänneg. Eis Zaldoten stungen nach ennert dem Commando vun de lëtzebuerger Offizéier an hun bei an do gefolleg Haiser oder Gebäier ze bewachen. Och ware sie beim Réckféieren vun den Evakuéierten am Asatz, wéi och déi ënnerierdech Verteilefteen.

Wéi dunn de Gauleiter Simon un d'Ruder kum war natierlech d'Fro wat soll mat dëse lëtzebuerger Zaldoten geschéien?

Et ass zimlech hin an hir bei de preiseschen Instanze geried a verhandelt ginn.

Besonnesch déi däitsch Polizei huet sech fir eis interesséiert awer och den Himmler Reichsführer der SS hat sech bei enger Duerchgangsrees zu Lëtzebuerg den 8. September 1940 (en 17 of) fir eis Zaldoten a thien hätt se gären an d'SS gehat. Mir léieren a spéider Explikatiounen dass déi forcéiert Agliddérung vun Zaldoten an d'SS deser Kerelen grousse Misère bruecht huet, esouguer Affären a KZ ter an do den Doud.

Wé gesot no laangem Hin an Hier a Streiderreien ennert déne verschidden deitschen Verwaltungen schliesslech de gefaalen Datum vum 4ten Dezember 1940, deen Dag ass eis Freiwëlleg Kompanie an Deitschland gin an zwar op Weimar. Et soll op de Befell vum Gauleiter Simon geschitt sin an ennert dem Virwand eis Freiwëlleg an eng "Umschulung" fir 6 Méint op Weimar ze schécken.

Desen Ofmarsch war mat grousse Pomp a mat preiseschem gründlechem ausgeschafftem Programm.

Esou liese mir an onsen Erënnerungen!

Sonderbefehl
Abtransport der Freiwilligenkompanie
am 4. 12. 1940 nach Weimar

1tens. Als "Ehrengeleit" d'Musék an de "Spielmannszug" vun der Schutzpolizei aus Mannheim.

2tens de 4ten Dezember 1940 um 3 Auer stelle sech déi verschidde Formatiounen am Kasärenhaff op. De Wé fir ob d'Gare ass de folgenden. Mir gebrauchen absichtlich als Erënnerung déi deemoleg deitsch Strosse Bezeechnungen:

Brückenring, Athenäumsstraße, Liebfrauenstraße, auf dem Graben, Großgasse, Königsring, Adolf-Hitlerstraße, Bahnhofsplatz.

4 Auer 30 Opstellen viru der Gare

Ofschreide vun de Fronten. Nemmen dem Gauleiter säi Stellvertrieder ass do deen och d'Ried hält. De Schluss ass de "Sieg Heil" ob de Führer Hitler an d'Horst Wessel Lidd.

Uschléissend gin eis Zaldoten an den Zuch an déi Mannheimer Musék spillt.

„Muß i denn, muß i denn zum Städtle hinaus".

Ma nodeem den Zuch sech a Bewegung gesat hat an eis Zaldoten mat schwéieren Herzen aus der Stadt eraus gefouert huet liese mir am

vum Sonderbefell weider.

Polizei Bataillon Polizei Bataillon

9. Nach Abfahrt des Zuges rückt das ~~Pol.Batl.~~ mit klingendem Spiel zurück zur Freiwilligenkaserne. Übernahme der Freiwilligenkaserne durch die 3 5 4./~~Pol.Batl.~~ 123 und den 2. Zug der 3./Pol.Batl. 124. Kasernenvorstand: Hauptmann Burkhardt.

3ten Polizei Batai

10. Die zurückgebliebenen Angehörigen der Freiwilligenkompanie werden dem Kompanieführer 4./Pol.Batl. 123 unterstellt.

Domadde war och eng lescht Lëtzebuerger Bataillon fest a preisescher Hand.

Loosse mir awer elo nach eng Kéier op d'Route zeréck kommen déi eis Zaldoten vum Kasärenhaff bis op d'Gare gaange sin.

Also iwwert de jetzegen Boulevard Roosevelt, rue de l'Athenée, duerch d'rue du Fossé, laanscht de Palais Grand Ducal. Hei konnten d'Zaldoten an hirem Herz nach eng Kéier der ofwiesender Grand Duchesse Charlotte Äddi soen. Et goung dann weider, iwwert de Knuedler duerch d'Groussgaass wo um Balkon vum ~~deen~~ deemolegen amerikaneschen Konsulat den Diplomat Platt Waller stung, fir an engem gewësse Sënn, de ~~Vier~~ Marsch vun onsen Zaldoten ofzehuelen. Hei soll, no den Iwwerlieweregen den Oberleutnant Brasseur deen laanscht dem preiseschen Oberleutnant Herrlitz deen dese ganzen Marsch kommandéiert hatt mat gezunnenem Säbel salutéiert hun.

Vum Boulevard Royal un, duerch d'avenue de la Liberté bis bei d'Gare stungen op béid Seiten vun de Strossen voll Leit fir dass och konnte sie hiren Zaldoten Äddi ze soen.

Ze bemierken ass och hei dass wéi den 13ten Oktober 1940 eis Fräiwëlleg Compagnie op Esch kommandéiert gi war fir un enger VdB Kundgebung Deel ze huelen sie mat ugeheierem Applaus empfaange gouwen wärend et fir d'VdB Formatiounen menschlech rotzeg war.

Des ~~Lëtzebuerger~~ ~~verkappte~~ pro Lëtzebuerger verkappte Sympathie Demonstratioun konnten natierlech och d'Preisen net iwwersin an esou schreiwe se am Escher Tageblatt (herno ass och desen Numm ëmgeännert gin: " Es handelte sich um eine organisierte Begeisterung und der unterschiedlicher Empfang zwischen Freiwilligen Kompanie und den VdB Formationen wirkte für letztere direkt beschämend.

Vun ~~Ex~~ esou Gelegenheeten hun d'Lëtzebuerger profitéiert fir hir Antisympathieen géigen d'Preisen auszedrécken.

Wé eis Zaldoten zu Weimar ukom sin, sin se an der Gare ugehuele gin, duerch de Staat Zentrum marschéiert bis un d'Kasären an der "Hardtstrasse". Hei sollte se jo fir

6 Méint an Ausbildung bleiwen.

~~Au~~ Opgedeelt gouwe se an 3 Kompanien an Leimadich war aus der Lëtzebuerger Freiwellege Kompanie "das Polizei Ausbildungs-Bataillon L in deutschen Diensten" entstanen. De Bataillons Kommandant war de preisesche Major Paust. Déi 1 an 2 Kompanie louwen an der Kasären an der Hardtstrasse an déi 3 Kompanie koum ob d'Schlass Belvedere.

Nach ze bemierken ass, dass zu Weimer d'Zäit ufanks genéngt hun et wären elauter Freiwelleger déi sech zu Lëtzebuerg bei déi preisesch Polizei gemellt hätten. Mä des ~~Néiet mat onsen Zaldoten weider gung, an onser nächster Sendung~~

Ménong gouv geschwenn geännert wé Kontakt mat de Lëtzebuerger entstanen ass. Besonnesch war et dass der ganz vill vun hinnen Sonndes an d'Mass gange sin. Am Ufank ass dat den Ausbilder sech net ze vill opgefall mä Ufank Januar 1941 ass et dueregezeechent den déi Deitsch géiwen eninzegräifen fir dat ze verhidden ~~sollt~~ an et heescht:

. Diese Handlung wäre für einen Schutzpolizisten mit seiner nationalsozialistischen Weltanschauung schwer vereinbar! Und, sollte dieses groteske Getue weiterhin noch andauern, so würden sie (die Deutschen, die Red.), es schon zu verhindern wissen.

also Sonndes an d'Mess ze goen

a weider heescht et:

Um ihrem Patriotismus Ausdruck zu verleihen, waren die Angehörigen der Schutzpolizei — die Standortbezeichnung „Luxemburg" am Ärmelabzeichen des Waffenrockes tragend — sehr zahlreich im Weimarer katholischen Gotteshaus, am Sonntag, zur Zeit von Großherzoginsgeburtstag, erschienen. Die große Anzahl anwesender Luxemburger stellte an sich keine außergewöhnliche Tatsache für die einheimischen Kirchgänger dar, da sie ja gewohnheitsmäßig in dieser Kirche ihrer Sonntagspflicht genügten. Was jedoch besonders die Herzen der Uniformierten höher schlagen ließ, sowie ihnen eine unbestreitbare patriotische Satisfaktion verschaffte, war, daß inmitten des Gottesdienstes — getragen und bezaubernd schön — die Orgel unvermutet die bekannten Klänge der Mertens'schen „Sonnerie Nationale" vortrug, die einzelne Takte unserer Nationalhymne enthält.

Wéi et weider gung mat onsen ~~Za~~ Freiwellegen Zaldoten an der nächster Sendung